LARGE SCALE TESTING

UNION EUROPEENNE
Fonds Européen de Développement Régional
Financement dans le cadre de la réponse de l'Union à la pandémie COVID-19

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la santé

DATE-SCHUTZ-HIWEIS

MIR SIN ALL DEEL VUN DER LÉISUNG

www.covid19.lu

FIR D'ENTWÉCKLUNG VUN DER PANDEMIE Z'IWWERWAACHEN,

huet déi Lëtzebuerger Regierung eng nei Phas vum Large Scale Testing (LST)-Programm ageleet. Aktuell ass den Depistage den effektiivste Wee fir d'Infektiounsketten z'ënnerbriechen, an deem positiv Fäll identifizéiert an hir Kontakter wierksam zeréckverfollegt ginn. An dësem Kader ginn déi persounebezunnen Donnéeë vun den zum Test ageluedenen Awunner a Frontalieren, souwéi d'Participante vu folgenden Acteure gesammelt a verschafft (d.h. vun der Instanz, déi den Zweck an d'Mëttel zur Veraarbechtung vu persounebezunnen Donnéeë festleet):

D'Gesondheetsdirektioun, well se d'Strategie definéiert, den Dispositif koordinéiert an déi perséinlech Donnéeë vun de Participanten analyséiert fir de Suivi vum Dispositif z'assuréieren an déi epidemiologesch Decisiounen ze huelen, sou wéi déi ubruechte politesch Entscheedunge fir d'ëffentlech Gesondheet ze huelen.

D'Laboratoires Réunis, déi d'Organisatioun vun de Prouwen, d'Prouwe selwer, d'Duerchféiere vun den Tester, vun de Rendezvouse bis zum Verschécke vun de Resultater.

D'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung, well dës d'Persounekategorië bestëmmt déi am Kader vum Test-Programm invitéiert solle ginn.

De Nationale Gesondheetslaboratoire, deen d'Analysen am Kader vun de serologeschen Tester duerchféiere wäert.

DËS INTERVENANTEN TRAITÉIERE PERSÉINLECH DONNÉEËE

konform un **d'Reglement 2016/679** vum Europäesche Parlament an **dem Conseil vum 27 Abrëll 2016** am Zesummenhang mat der Protektioun vu physesche Persoune betreffend der Beaarbechtung vun de perséinlechen Daten an dem fräie Zirkuléiere vun Donnéeën, déi **d'Direktive 95/46/CE annuléiert** (Allgemengt Reglement zum Dateschutz, heirënner «Reglement»).

D'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën an der neier Testphas ginn ausgefouert fir **(i)** d'Residenten a Frontalieren, déi representativ Echantillone vun der Populatioun duerstellen, invitéieren ze kënnen, **(ii)** de Participanten z'erméiglechen um Test deelzehuelen, **(iii)** de Participanten hir Resultater z'iwwermëttelen, an **(iv)** d'Evolutioun vun der COVID-19-Infektioun bannent der Populatioun z'iwwerwaache fir dës ze kontrolléieren an sou iwwert Decisiounen, déi déi allgemeng Gesondheet betreffen, den Infektiounstaux sou niddereg wéi méiglech ze halen.

Déi rechtlech Grondlag fir dës Veraarbechtung baséiert op:

- Der Decisioun vum Regierungsrot vum **8. JULI 2020**
- Dem Gesetz vum **23. SEPTEMBER 2020,** dat dat ofgeännert Gesetz vum **17. JULI 2020,** iwwert d'Mesure am Kampf géint d'Pandemie COVID-19 modifizéiert
- Dem Gesetz vum **24 JULI 2020** dat dem Staat autoriséiert um Finanzement vun der zweeter Phase vum Programm vun de grouss ugeluechten Tester am Kader vun der COVID-19-Pandemie deelzehuelen

D'KATEGORIË VUN DE PERSÉINLECHEN DONNÉEËN,

déi vu verschiddenen Intervenanten am Kader vum Large Scale Testing veraarbecht gi, si folgend; si hänke vun der Participatioun vun de Persounen of:

- Perséinlech Identifikatiounsdonnéeën (z.B. Numm, Adress, Telefonsnummer, E-Mail-Adress);
- Perséinlech Donnéeën (z.B. Geschlecht, Gebuertsdatum);
- Soziodemographesch Donnéeë fir déi et erméiglechen Echantillonen ze erhiewen (z.B. Beruff, Stot);
- Identifikatiounsdonnéeën duerch ëffentlech Instanzen (z.B. Matricule);
- Donnéeën am Kader vun der Organisatioun vum Rendezvous (z.B. Datum, Auerzäit, Teststatioun);
- Donnéeën, déi d'Gesondheet betreffen (z.B. Informatiounen déi een duerch den Test kritt huet, Informatioune betreffend enger COVID-19-Infektioun).

PERSÉINLECH DONNÉEË

kënne vun de verschiddene bedeelegten Instanzen un déi folgend Kategorië vun Destinatären iwwermëttelt ginn:

- De Staatlechen Zenter vun den Informatiounstechnologien (CTIE), deen zoustänneg ass fir d'Verschécke vun den Invitatiounen an d'Plattform fir d'Huele vun engem Rendezvous zur Verfügung stellt;
- LDL CONNECT SA, zoustänneg fir d'Bereetstelle vun enger Hotline fir all Froen am Zesummenhang mat de groussugeluechten Tester;
- D'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung, déi den ëffentlechen Organer pseudonymiséiert Donnéeën zur Verfügung stellt fir dat dës Projektioune maache kënnen, déi et erméiglechen d'Evolutioun vun der Pandemie z'observéieren an Tableaue fir de Suivi vun der Pandemie ze produzéieren (zum Beispill: Suivi vum Positivitéitstaux pro Gemeng, pro Alterskategorie, oder och pro Beruffsspart);
- D'Agence eSanté, déi zoustänneg dofir ass den techneschen Transfert vun den Testresultater un d'Gesondheetsinspektioun vun der Gesondheetsdirektioun z'assuréieren;
- D'Gesondheetsinspektioun vun der Gesondheetsdirektioun, déi d'Resultater vun den Tester kritt fir den Tracing an den epidemiologesche Suivi vun der Pandemie ze maachen, an
- Den Nationale Gesondheetslabo deen, als Referenzlaboratoire, positiv Echantillone ka kréie fir eng genetesch Sequenzéierung vum Virus ze maachen, fir esou d'Variant ze bestëmmen.

DÉI PERSÉINLECH DONNÉEË

vun all Intervenant ginn, konform zu de respektive legalen Obligatiounen, just esou laang gehale wéi et fir de verfollegten Zweck néideg ass an net doriwwer eraus. Beispillsweis hält de Gesondheetsministère perséinlech Donnéeën op Basis vun de Bestëmmunge vum Gesetz vum **23. SEPTEMBER 2020**, dat dat ofgeännert Gesetz vum **17. JULI 2020**, iwwert d'Mesure am Kampf **GÉINT D'PANDEMIE COVID-19, MODIFIZÉIERT.**

All physesch Persoun deenen hir Donnéeë veraarbecht ginn huet d'Recht Accès op seng perséinlech Donnéeën ze froen an eng Kopie ze kréien, sou wéi, am Fall wou des perséinlech Donnéeën inkomplett oder falsch sinn, dës Donnéeën ze verbesseren. Se huet ausserdeem d'Recht Veraarbechtung vun de perséinlechen Donnéeën anzeschränken, Recht sech senger Veraarbechtung z'opposéieren, sou wéi d'Recht drop dass dës geläscht ginn, ënnert der Konditioun a bannent de Limitten, déi am allgemengen Dateschutzreglement festgeluecht sinn.

Et ass méiglech d'Ausféiere vun dësen opgelëschte Rechter unzefroen, andeems Dir eng schréftlech Demande maacht, déi ënnerschriwwe gouf an Är Identitéit beleet.

FIR D'VERAARBESCHTUNG AM KADER VUN DEN ECHANTILLONEN,
un d'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung

igss@igss.etat.lu
26, rue Zithe, L-2763 Luxembourg

FIR D'VERAARBECHTUNG AM KADER VUN DER GESTIOUN VUN DEN INVITATIOUNEN,
de Rendezvousen an dem Suivi vun der Pandemie, un d'Gesondheetsdirektioun

info_donnees@ms.etat.lu
13a, rue de Bitbourg, L-1273 Luxembourg

FIR D'VERAARBECHTUNG AM KADER VUN DE PCR-TESTER,
un d'Laboratoires Réunis

dpo@labo.lu
38, rue Hiehl, Z.A.C. Laangwiss, L-6131 Junglinster

FIR D'VERAARBECHTUNG AM KADER VUN DE SEROLOGESCHEN TESTER,
un de Nationale Gesondheetslabo

dpo@lns.etat.lu
1, rue Louis Rech, L-3555 Dudelange

Dir hutt och d'Méiglechkeet,
eng schréftlech Reklamatioun bei der nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD) u folgend Adress anzereechen:

15, boulevard du Jazz, L - 4370 Belvaux

oder an deem Dir den Online-Formulaire ausfëllt, deen Iech ënnert der Rubrik **«Particuliers» um Internetsite vum der CNPD zur Verfügung steet -> Maacht Är Rechter geltend.**

LARGE SCALE TESTING

UNION EUROPEENNE

Fonds Européen de Développement Régional

Financement dans le cadre de la réponse de l'Union à la pandémie COVID-19

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Direction de la santé

www.covid19.lu